Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

4.8.2019 ein Stück Heemecht

04 **Aug** *2019*

(comments: 0)

"Wie jedoch können wir den vielen ausländischen Mitbürgern, die in Luxemburg ein neues Zuhause gefunden haben, helfen, sich nahtlos zu integrieren, wenn wir es nicht fertig bringen, ihnen ein Stück Heemecht in einer globalisierten Welt näherzubringen? Dann nützen noch so viele Kulturfestivals, Integrations- und Migrationsfeste nichts, wenn es uns nicht gelingt, die kleinen Wurzeln des Luxemburger Brauchtums zu pflegen beziehungsweise zu beleben."

Genee dofir setzen mir, vum Wee2050, eis an:
http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Ënnrstëtzt eis Saach!
Et ass fir eis.

Artikel am Wort:
https://www.wort.lu/de/politik/gelebte-werte-5d445eb2da2cc1784e3490b9

Read more … 4.8.2019 ein Stück Heemecht

19.7.2019 DE WEE2050 SETZT SECH AN FIR ENG RICHTEG MÉISPROOCHEGKEET.

19 **Jul** *2019*

(comments: 0)

DE WEE2050 SETZT SECH AN FIR ENG RICHTEG MÉISPROOCHEGKEET.

Souguer a Frankräich kréien déi regional Sproochen méi Plaz wéi eis Sprooch hei zu Lëtzebuerg

Ass dat d'Lëtzebuerger Méisproochegkeet vun där mer ëmmer gezielt kréien? Franséischen Monolinguismus zu Lëtzebuerg?

Mä dat kënne mir änneren! Wann mir eis zesummen dofir asetzen!

Mir, als Wee2050, setzen eis an

- fir d'Lëtzebuerger Sprooch
- a fir eng ausgeglachen, richteg Méisproochegkeet

Eis Ziler:
http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Read more … 19.7.2019 DE WEE2050 SETZT SECH AN FIR ENG RICHTEG MÉISPROOCHEGKEET.

13.7.2019 Richteg Méisproochegkeet an der Schwäiz: Firwat net och hei bei eis??

15 **Jul** *2019*

(comments: 0)

Richteg Méisproochegkeet an der Schwäiz:

Firwat net och hei bei eis??

Leider ass hei ze vill eesproocheg franséisch!

"Für Aussenstehende ist das vielleicht schwer zu verstehen, aber die Zweisprachigkeit ist unsere DNA, die wir weiterentwickeln wollen und müssen. Die Romands sind als nationale und städtische Minderheit sehr sensibel, sie empfinden es als Affront, wenn Unternehmen und Institutionen sie nicht in ihrer Sprache ansprechen. Es tut ihnen weh, und wenn sie hören, dass im Thurgau künftig Englisch als erste Fremdsprache unterrichtet wird, nehmen sie das als Angriff wahr. Da ist viel Psychologie dahinter, aber man muss es ernst nehmen. Deshalb ist es wichtig, dass der Gemeinderat hier ein bisschen nachhilft."

Säit dem Referendum 2015 setzen mir eis an fir d'Lëtzebuerger Sprooch (a fir d'Méisproochegkeet) a fir en méi luesen a verstännege Wuesstem.

Eis Ziler:

http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Den interessanten Interview mam Stadtpräsident vun Biel:

https://www.nzz.ch/schweiz/gewisse-linke-neigen-dazu-bei-den-auslaendern-alles-zu-entschuldigen-ld.1494341

Read more … 13.7.2019 Richteg Méisproochegkeet an der Schwäiz: Firwat net och hei bei eis??

3.7.2019 Dem C. Meisch seng Politik fir Lëtzebuergesch an de Crèchen: en katastrophalt Beispill

03 **Jul** *2019*

(comments: 0)



Dem C. Meisch seng Politik fir Lëtzebuergesch an de Crèchen.
De C. Meisch hat 2017 versprach: "dass d'Lëtzebuergescht net géif ze kuerz kommen"

Lëtzebuergesch an all de Crèchen?
Dat sollt dach kontrolléiert ginn.
Mee vu ville Crèchen héiere mir, dass d'Gesetz net agehale gëtt.
Et gëtt kee Lëtzebuergesch oder bal kee gemaach.
Ass dat dem C. Meisch a senge Kontrolleren egal?
Wéi vill Crèchë sinn da scho bis haut verwarnt gi well se net genuch lëtzebuergesch maachen?
Keng???
An si kréien awer d'Suen?
Déi se net dierfte kréien?

Mir als Wee2050 setzen eis zanter 3 Joer a fir dass an de Crèchen d'Lëtzebuerger Sprooch

Read more … 3.7.2019 Dem C. Meisch seng Politik fir Lëtzebuergesch an de Crèchen: en katastrophalt Beispill

25.6.2019 D'Gemeng Lëtzebuerg gëtt Hetzer eng Plattform. Wien ass dofir verantwortlech?

26 **Jun** *2019*

(comments: 0)

Pressecommuniqué 25.6.2019

D'Gemeng Lëtzebuerg gëtt Hetzer eng Plattform. Wien ass dofir verantwortlech?

An der Nuecht op Nationalfeierdag ass den Här Tun Tonnar op der Bühn op der Theaterplaz opgetrueden, an huet a senge Lidder géint Lëtzebuerg, géint déi groussherzoglech Famill, wéi och géint politesch Meenunge gehetzt.

"Féck Lëtzebuerg"
"Féck den Haff"
"Féck ADR" asw.

En Affront géint eis Natioun, géint eist Land,
géint all seng Awunner, déi dat Land gär hunn,
géint eis groussherzoglech Famill, an dat kuerz nom Doud vum Groussherzog Jean,
ganz besonnesch géint déi Leit, déi sech fir dëst Land agesat hunn a mam Liewe bezuelt hunn, a géint hir Familljen,
géint all déi feierlech Rieden, déi op Nationalfeierdag iwwerall am Land gehaal gi sinn, a wou op Matenee gepocht ginn ass, a géint eis politesch Debattekultur.

Leit déi et live héieren hunn, ware schockéiert!

D'Gemeng Lëtzebuerg ass als Organisateur och verantwortlech fir dat wat op hire Concerte gebuede gëtt, an dat heiten ass hei näischt aneschtes wéi Hetz. Um Internet hätt een, wann ee gesicht hätt, am Virfeld vill Informatioune iwwer Lidder fonnt, an deenen den Här Tun Tonnar géint Lëtzebuerg a géint déi groussherzoglech Famill hetzt. Ausserdeem leeft nach e Prozess vum Parquet géint den Här Tun Tonnar wéinst Beleidegung.

Dofir ass et net ze entschëllegen, datt et zu esou eppes konnt kommen, a mir froen eis dowéinst wien de politesch Verantwortleche vun där Organisatioun an der Gemeng Lëtzebuerg ass.

Den Optrëtt gehéiert iwwregens zur 'stayfou tour 2019', wou den Här Tun Tonnar matmécht. Weider Optrëtter sinn am Summer an de Gemenge Péiteng, Miersch, Mamer, Klierf a Rued-Syr geplangt. Wuel och op Käschte vun de Steierzueler.

Read more … 25.6.2019 D'Gemeng Lëtzebuerg gëtt Hetzer eng Plattform. Wien ass dofir verantwortlech?